



En Donneschdeg, den 28. September 2023, war ëm 14:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung.

1. Ouverture des magasins en 2024

De Gemengerot freet de Wirtschaftsminister ëm Geneemegung, datt d'Geschäfter an der Biisser Gemeng och am Joer 2024 sonndes a feierdeegs kënnen opmaachen.

2. Nuits blanches 2024

De Gemengerot huet déi Deeg festgeluecht, wou d'Biisser Caféen ouni Extra-Geneemegung eng fräi Nuecht bis 3 Auer hunn:

- Virowend vum 1. Mee;
- Virowend vum Europadag;
- Kiermesfreideg, - samschdeg an -sonndeg;
- Virowend vun Nationalfeierdag;
- Silvester.

3. Impôt commercial pour l'année 2024

D'Gewerbesteier fir d'Joer 2024 bleift onverännert op 300 Prozent.

4. Impôt foncier pour l'année 2024

Och d'Grondsteier bleift onverännert, an zwar:

- | | |
|----------------------------------------------------------|------|
| - A (propriétés agricoles): | 300% |
| - B1 (constructions industrielles ou commerciales): | 450% |
| - B2 (constructions à usage mixte): | 300% |
| - B3 (constructions à autre usage): | 300% |
| - B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport): | 150% |
| - B5 (immo. non bâties autres que les terrains à bâtir): | 400% |
| - B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation): | 400% |

5. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal

De Gemengerot setzt dës Gemengekommissiounen an:

- Schoul
- Kultur
- Ëmwelt
- Events
- Klimapakt
- Naturpakt
- Sport a Jugend
- 3. Alter
- Urbanismus a Mobilitéit
- "Vivre ensemble interculturel" (fréier: Integratioun)

Et fält op, datt d'Jugendkommissioun mat der Sportskommissioun an d'Bautekommissioun mat der Verkéierskommissioun fusionéiert ginn an datt d'Kommissioun fir d'Ëffentlechkeetsaarbecht ofgeschaaft gëtt. D'CSV-Fraktioun hat proposéiert, eng Finanzkommissioun anzesetzen, wat awer vun der Majoritéit refuséiert gouf.

Opgrond vum Walresultat hunn Är Leit d'office 3 Verrieder an all Kommissioun, d'CSV-Fraktioun ee Verrieder, während déi aner 5 Plazen ëffentlech ausgeschriwwen ginn.

De Règlement d'ordre intérieur gouf mat 8 Jo-Stëmmen an 3 Neen-Stëmmen ugeholl.

6. Délégués communaux auprès des différents syndicats de communes

D'Fraktioun Är Leit huet d'Delegéierteposten an de Gemengesyndikater ganz ënner sech ausgemaach.

- SICONA Centre (nature)	Roger Saurfeld
- Asivema (tourisme)	Jos Koecher
- Maison de l'Eau	Jos Koecher
- Syvicol	David Viaggi
- SİDEC (ordures)	Cindy Barros Dinis
- SİDEN (évacuation des eaux)	Roger Saurfeld
- SIGI (gestion informatique)	David Viaggi
- SEC (eau)	David Viaggi
- Nordpool Colmar-Berg	David Viaggi
- Conservatoire du Nord	Loïc Brune
- Egalité entre hommes et femmes	Cindy Barros Dinis
- CIPA St Joseph Mersch	Béatrice Kabers
- Club Uelzechtdall	Béatrice Kabers
- Comité de prévention intercommunal	David Viaggi
- Pilotage Natura Atert-Waarkdall	Roger Saurfeld
- Accompagnement Eau Atert-Waarkdall	David Viaggi
- asbl Gutt Wunnen	David Viaggi
- Mierscher Lieshaus	Georges Lucius
- Transports publics	David Viaggi
- ORT Guttland	Roger Saurfeld

7. Congé politique pour les délégués dans les syndicats de communes

Déi 3 Schäfferotsmembere kréie jeeeweils dräi Stonnen zousätzleche Congé politique.

8. Approbation de plusieurs contrats

D'Kontrakter mat deenen 2 Chargés de cours fir d'Lëtzebuergesch-Cours'e goufe gutt geheescht.

An der lessstuff huet eng laangjäreg Mataarbechterin opgehalen. An Zukunft wäert d'asbl Anne (de Gestionnaire vun der Maison relais) eng Aarbechtskraaft hefir zur Verfügung stellen.

9. Approbation de plusieurs contrats de bail

Mat 8 Jo-Stëmmen an 3 Neen-Stëmmen gouf de Mietvertrag mat der Firma A-biss s.à r.l. fir de CycloCroc un der Vëlospist gutt geheescht. De monatleche Loyer (ouni Chargen an ouni TVA) ass an de Summerméint Abrëll bis September 500 Euro, während an de Wanterméint dëse Loyer sech op 250 Euro reduzéiert.

Op Nofro vun der CSV-Fraktioun huet sech erausgestallt, datt d'Bankgarantie vu 5.000 Euro nach net der Gemeng iwwerwise gouf.

Intressant ass och, datt keng Annulatioun vum Mietvertrag mat der Firma Tora s.à r.l. virlooch. Mat dëser Firma war nämlech an der Gemengerotssitzung vum 2. Februar 2022 schonns e Mietvertrag ofgeschloss ginn.

An der Rouschterstrooss (op der Héicht vun der Entrée an d'Cité Op de Grousse Mies) gëtt am Kader vum Reamenagement e Busarrêt ugeluecht. Dofir gouf de Pachtvertrag vun den Noperen op enger Gemegeparzell entspriechend ugepasst. De Pachtpräis bleift onverännert 5 Euro d'Joer.

10. Approbation de plusieurs conventions

D'Awunner vun der Rouscherstrooss tëschent dem Chemin de Bousbiert an der Rue J.-P. Ecker kënnen während dem Chantier hiren Auto op engem provisoersch amenagéierte Parking am Agank vun der Rue J.-P. Ecker ofstellen. De Proprietär vun dëser Parzell ass domadder d'accord a kritt dofir als Gégeleeschtung 2 Uschlëss fir Waasser an Ofwaasser.

Zënter der Schoulrentrée kënnen net nëmmen de Brill moies an de Genoss vum Pedibus, mee och d'Bléi an de Knapp. Par conter gouf de Pedibus no Schoulschluss ofgeschaaft. Fir déi 3 Pedibus-Linne moies gouf eng Konventioun mat der asbl Anne (dem Gestionnaire vun der Maison relais) fir ee Schouljoer ofgeschloss.

11. Approbation d'un compromis d'échange

Mat de Propriétaire vum Wunnhaus op 1 rue des Jardins goufen 2 Parzelle getosch, esou datt den Trottoir elo duerchgoend der Gemeng gehéiert, während de Proprietär d'Plaz vrun sengem Haus reamenagéiere kann. De Proprietär muss eng Soutle vun 330 Euro un d'Gemeng bezuelen, well eng Differenz an den Terrainsgréisste virleit.

12. Lotissement de terrains

An der Rue des Moulins ginn d'Parzelle 70/3489 an 69/3326 op Demande vum Proprietär zu enger Parzell fusionéiert.

13. Procédure PAG/PA QE/SUP

De 6. Juni 2023 hat de Gemengerot den neie Plan d'aménagement général gestëmmt. D'Propriétaires, déi net mat der Klassifizierung d'accord waren, konnten awer nach eng Reklamatioun virun der Inneministesch aleen. De Gemengerot war an dëser Sitzung opgefuerdert, en Avis zu dëse Reklamatiounen ze huelen. Bis op eng Reklamatioun huet de Gemengerot all Kéier en negativen Avis ofginn. Elo gëlt et d'Decisioun vum der Ministesch (vläicht och schonns vun hirem Nofollger/hirer Nofollgerin) ofzewaarden.

14. Approbation de plusieurs devis

Mat 8 Jo-Stëmmen an 3 Neen-Stëmme gouf en Devis iwwer 225.000 Euro fir den Amenagement vun enger Openthaltsplaz beim CycloCroc gutt geheescht. Den Tourismusministère huet hefir e Subsid vun 30 Prozent versprach. D'CSV-Fraktioun huet kritiséiert, datt den Devis eréischt no der Realisatioun vun den Aarbechten dem Gemengerot zum Vote virgeluecht gouf, deemno "après coup".

Fir de Reamenagement vun der Place de l'Immigration gouf majoritär en Devis vu 6.800.000 Euro gestëmmt. Mir goufen och offiziell informéiert, datt de Bau vum Kulturzentrum zäitlech op en onbestëmmt Datum no hanner geréckelt gouf. Wat ass elo ë.a. virgesinn?

- Bau vun engem provisoiresche Parking (ca 63.000 Euro) um Site vum künftege Kulturzentrum
- Bau vun enger Maarthal (ca 714.000 Euro);
- Bau vun engem Traffo (ca 400.000 Euro);

Während der Sitzung konnt net gekläert ginn, wat fir Gebaier mat dësem Devis sollen ofgerappt ginn. Hei gouf et eng Interpretatiounsdufferenz tëschent dem Buergermeeschter an dem Service technique.

Zum Schluss gouf nach eestëmmeg den Devis fir zousätzlech Aarbechten un der Waasserleitung an der Rouschterstrooss gestëmmt (15.500 Euro). Dës Aarbechte ware während dem Verleeë vum Kanal duerch de SIDEN exekutéiert ginn.

15. Approbation de plusieurs décomptes

- Travaux d'agencement et aménagement de terrains nus dans la ZAC Am Seif:
 Devis approuvés: 67.180,38 euros
 Dépenses effectives: 67.180,38 euros
- Renouvellement de conduites d'eau dans la Rue André Losch:
 Devis approuvés: 128.705,65 euros
 Dépenses effectives: 128.705,65 euros
- Ouvrages/installations des réseaux d'eaux usées (reprise de la station de pompage am Seif):
 Devis approuvés: 550.957,75 euros
 Dépenses effectives: 556.017,04 euros

16. Adaptations budgétaires

Am Budget goufe fir e Gesamtmontant vun 170.010 Euro verschidden Adaptatioune virgeholl.

17. Nomination de titulaires à plusieurs postes de fonctionnaires

D'Marlène Dos Santos Alves wiesselt aus dem Etat civil op de fräie Posten an der Recette.

Op déi fräi Plaz am Service technique gouf den Här Alexandre Pereira Lopes vu Schieren gewielt.